Groupe d'Action Locale LEADER Redange-Wiltz
Bureau LEADER Eschdorf
23, an der Gaass / L-9150 Eschdorf
tel: +352 / 89 95 68-1 fax: +352 / 89 95 68-40 e-mail: rw@leader.lu

# Integratioun brauch Partnerschaft – Lëtzebuergesch léiere mat engem Coach

## Mir siche fräiwelleg Begleeder (Coachen)

Dir schwätzt perfekt lëtzebuergesch, sidd kontaktfreedeg, hutt e bëssen Zäit an der Woch oder de Weekend an Dir wäert bereet, eng oder méi Persounen iwwert ee Schouljoer ze begleeden? Da kommt an eis Equipe vu fräiwëllege Coachen a gitt enger Persoun d'Geleeënheet, hiirt Lëtzebuergesch ze praktizéieren. Dir kënnt zesumme mat Ärem Schüler Är Zäit selwer andeelen an nei Manéiere virschloe fir an d'Gespréich ze kommen. Interesséiert ? Dann mellt Iech bei eiser Equipe vu Coachen fir déi lëtzebuergesch Sprooch!

***«Lëtzebuergesch Sproochecoursë mat engem Coach»***

D'LEADER-Regioun Réiden-Woltz proposéiert schons zenter enger Reih Joeren Lëtzebuergesch-Coursën déi groussen Usprooch fannen. De Constat ass awer einfach: auslännesche Matbierger Sproochecoursen offréieren, fir hinnen eng besser Integratioun z'erméiglechen ass gutt, geet awer meeschtens net duer! Sprooche-coursën sinn nämlech, trotz alle pedagogeschen Efforten eppes abstraktes… do kann ee jorelaang matmaachen an een tipptoppt passiivt Verständnes fir eng Sprooch entwéckelen, ouni sech awer jeemools ze traue selwer dobaussen de Mond opzemaachen.

D'Iddi fir dat ze verbesseren ass einfach, mee trotzdem clever : all Schüler aus engem Sproochecours kritt, wann e Loscht huet, säin individuelle Coach. Dës Method erméiglecht een ënnerstëtzt Praktizéiere vun der Sprooch grad ewéi regelméisseg Kontakter tëschent Leit aus verschiddene Länner an enger entspaanter Atmosphär. Ee Coach kann déi Persoun, déi hie betreit, an de Supermarché begleeden, mat hir op Lëtzebuergesch bei enger Tas Kaffi poteren a si an de lëtzebuerger Alldag aféieren, ouni dass dat eppes mat Unterrecht ze dinn hätt.

D'ASTI bitt déi "Lëtzebuergeschcoursë mat engem Coach" zënter dem leschte Joer an de Stater Nord-Quartiéieren un. Déi lokal a benevole Coache si meeschtens pensionéiert Leit an och alt emol Studenten. Dëst konkret Beispill aus der Stad léisst sech natierlech och am ländleche Raum widderhuelen an dat well de LEADER-Grupp Réiden-Woltz am Kader vum Integratiounspakt mat der Ennerstetzung vum OLAI ab Hierscht 2010 och probéieren.

De LEADER-Büro bekëmmert sech em deen éischten Kontakt zweschent den Léierenden an de Coachen. Duerno ass de LEADER-Büro do fir sech iwer d'Zefriddenheet an d'Regelmässegkeet vun de Kontakten z'informéieren. Et bleiwt ewer den Léierenden an de coachen iwerlooss hiir Rendez-vous selwer ze géréieren. Et ass ze bemierken, dass des Kontakten op absolut fräiwelleger Basis geschéien.

Kontakt : Bureau LEADER Eschdorf Tel. : 89 95 68-1 rw@leader.lu

pacte communal d'intégration

OLAI OFFICE LUXEMBOURGEOIS DE L'ACCUEIL ET DE L'INTÉGRATION

asti

Groupe d'Action Locale LEADER Redange-Wiltz
Bureau LEADER Eschdorf
23, an der Gaass / L-9150 Eschdorf
tel: +352 / 89 95 68-1 fax: +352 / 89 95 68-40 e-mail: rw@leader.lu

# Integratioun brauch Partnerschaft – Lëtzebuergesch léiere mat engem Coach

## Recherche d'accompagnateurs bénévoles

Vous voulez soutenir un adulte inscrit à un cours de luxembourgeois dans l'apprentissage de la langue ? Vous avez envie de partager vos compétences quant à la pratique de la langue luxembourgeoise ? Vous êtes intéressé(e) à rencontrer un apprenant d'un de nos cours de luxembourgeois autour d'une tasse de café, lors d'une promenade, d'une visite au musée … ? Alors venez rejoindre le groupe des coachs de langue luxembourgeoise!

***« Cours de langue luxembourgeoise accompagné d'un coach »***

La région LEADER Redange-Wiltz propose depuis de nombreuses années des cours de luxembourgeois qui rencontrent un grand succès. Cependant nous avons remarqué que de nombreuses personnes inscrites dans nos cours n'ont que rarement l'occasion de pratiquer le luxembourgeois en dehors du cours. C'est pour cette raison que nous voulons proposer pour la rentrée scolaire 2010/2011 ce projet pilote dans le cadre du Pacte Intégration Redange-Wiltz soutenu par l'OLAI. Des expériences positives avec ce type d'approche par coach ont déjà été réalisées par l'ASTI asbl dans les quartiers Nord de la Ville de Luxembourg.

Les objectifs sont multiples : permettre aux apprenants du cours de luxembourgeois de pratiquer régulièrement et ainsi accélérer son apprentissage du luxembourgeois, de contrer la crainte de s'exprimer au quotidien dans notre langue et de permettre des rencontres entre luxembourgeois et étrangers résidant au Luxembourg.

Déroulement :
Afin de faciliter l'organisation des rencontres entre coach et apprenants, nous essayons de recruter des coachs habitant et/ou travaillant dans la région Redange-Wiltz.

Afin d'établir un premier contact entre apprenants et coachs, les coachs seront invités de venir visiter une séance de cours de langue. Lors de cette séance, les coachs peuvent se présenter et communiquer les informations permettant la mise en contact entre un coach et un apprenant.

Après cette première réunion, le Bureau LEADER s'occupe de la mise en relation entre les coachs et les apprenants selon les desideratas émis. À partir de ce moment, le rôle du Bureau LEADER consiste à s'informer sur le degré de satisfaction et de régularité des rencontres. C'est aux apprenants et aux coachs de décider où et quand ils se rencontrent. Il faut noter que ces contacts se font sur base bénévole.

Contact : Bureau LEADER Eschdorf Tél. : 89 95 68-1 rw@leader.lu

pacte communal d'intégration

OLAI OFFICE LUXEMBOURGEOIS DE L'ACCUEIL ET DE L'INTÉGRATION

asti